N° 7234
Entrée le 24.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Verdeedegung & Mobilitéit weiderzeleeden.**

Am September gouf eng NATO-Pipeline, déi de Findel mat Kerosin beliwwert, bei Maintenanceaarbechten an Däitschland beschiedegt. Glécklecherweis ass de Schued relativ kleng bliwwen an et ass net zu Enkpäss an der Beliwwerung vu Kerosin fir de Findel komm. Och wärend der Iwwerschwemmungskatastroph am Joer 2021 war et bei der nämmlechter Pipeline zu Problemer komm.

Eng weider Pipeline, déi de Findel fréier via Fréiseng-Moutfort beliwwert huet, ass viru Joren an der Lorraine beschiedegt ginn, ewéi Kuelegruewen zesumme gefall sinn a kann zënterdeem net méi genotzt ginn.

An dësen onsecheren Zeiten, Energieenkpäss an och de Krich an der Ukraine, misst Résilience och zu Lëtzebuerg méi grouss geschriwwe gin.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt d'Versuergung mat Kerosin um Findel aktuell sécher gestallt?
   Ass geplangt, fir d'Versuergung um Findel besser ofzesécheren? Falls jo, wéi?

2. Fir wéi vill Deeg huet de Findel Reserven u Kerosin?
   Wéi ass et an der Zukunft wann déi nei *Fuel-Farm* fäerdeg ass?

3. Huet de Minister Gespréicher mat de franséischen Autoritéiten gefouert, fir dass den Deel vun der Pipeline, dee Fréiseng mat Frankräich verbënnt, erëm reparéiert gëtt?
   Falls jo, wat ass bei deene Gespréicher erauskomm?
   Falls nee, firwat ass bis elo kee Suivi gemaach ginn?

4. Wieren d'NATO-Ufuerderungen (*military requirements)* um Findel garantéiert, am Fall wou eng Pann un der eenzeger Pipeline geschitt, déi Däitschland mat Lëtzebuerg verbënnt?

5. D'Pipeline, déi op de Findel féiert, kann net nëmme fir d'Liwwerung vu Kerosin, mee och fir aner Produkter benotzt ginn, eventuell souguer, an enger noer Zukunft, e-Fuels. Kéint dës Pipeline eng

Alternativ zum Transport mam Camion, Zuch oder Schëff fir Lëtzebuerg duerstellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 7234 vum 24. November 2022 vum Här Deputéierte Sven Clement**

D'Versuergung vum Fluchhafe mat Kerosin gëtt aktuell duerch d'NATO Pipeline ofgedeckt, déi zum Central European Pipeline System (CEPS) gehéiert a via Bitburg op de Findel féiert. Et ass geplangt an noer Zukunft en neie Pëtrolsdepot (Fuel-Farm) um Findel ze bauen. Dës nei Fuel-Farm wäert d'Späicherkapazitéit bedeitend erhéijen an de Fluchhafe méi resilient maachen am Fall vun engem temporären Ausfall vun der Pipeline. D'Regierung ass der Meenung, dass déi nei Fuel-Farm, kombinéiert mat engem Sécherheetsplang, d'Versuergung vum Findel mat Kerosin ka garantéieren.

D'Dauer vun de Kerosinreserven um Findel hänke vum Fëllstand vun den Tanken an och dem Verbrauch of, dëse kann ënner Ëmstänn staark variéieren.

Et goufe bis dato keng Gespréicher mat de franséischen Autoritéiten iwwert eng Reaktivatioun vum Fréiseng-Mutfert Tronçon gefouert. Dës Partie vun der Pipeline ass Deel vum selwechte Reseau (CEPS) an zënter 1999 net méi aktiv. Well et sech hei em de selwechte Reseau vu Pipelinen handelt, géing eng Reaktivatioun d'Resilienz och nëmme minimal verbesseren.

Wann d'NATO Pipeline temporär ausfale géif, ass virgesinn, an enger enker Concertatioun mat eisen NATO Partner, d'Ufuerderungen iwwer Strooss, Schinnen oder Waasser ze erfëllen.

Wa vu "Ground Fuels" Rieds ass (Diesel oder Bensinn), dann ass dës Pipeline och haut schonn zertifiéiert fir dëst ze transportéieren. D'Kapazitéit vun der Pipeline ass awer net héich genuch fir zousätzlech zum Kerosin och nach Ground Fuels op de Findel ze transportéieren. Et wäert an noer Zukunft awer och "Sustainable Aviation Fuel" (SAF) kënnen duerch d'Pipeline transportéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch